LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7020 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Am Enseignement fondamental gëtt ënnerscheet tëschent de *Leçons supplémentaires régulières* an de *Leçons supplémentaires occasionnelles*. An dësem Kontext sinn d'*Leçons supplémentaires régulières* déi Iwwerstonnen, déi an der Schoulorganisatioun am Ufank vum Joer festgehale ginn a beispillsweis dann entstinn, wann een Enseignant eng Decharge (z. B. als Schoulpresident, Coordinateur de Cycle o. ä.) unhëlt a sech fir déi geleeschten Aarbecht am Kontext vun dëser Décharge net fräistelle léisst. Am Géigesaz heizou sinn d'*Leçons supplémentaires occasionnelles* déi Iwwerstonnen, déi net previsibel am Laf vum Joer entstinn (z. B. wann een Enseignant ee Remplacement assuréiert oder eng nei Decharge iwwerhëlt). Heibäi ass wichteg ze betounen, datt all Iwwerstonn, onofhängeg op et eng reegelméisseg oder onreegelméisseg Iwwerstonn ass, op fräiwëlleger Basis geleescht gëtt.

Am Enseignement secondaire gëtt dës Ënnerscheedung net gemaach. En Enseignant, deen Iwwerstonne leescht, huet zwou Méiglechkeeten: E kann dës entweder ausbezuelt kréien, oder se, bis op ee Maximum vun 20 % vu senger Tâche, op säi Compte épargne temps (CET)[1] setzen.

Am Enseignement fondamental ginn d'Iwwerstonnen no den Dispositioune vum Artikel 17 vum *Règlement grand-ducal du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental* ausbezuelt; am Enseignement secondaire applizéieren sech d'Dispositiounen vum Artikel 13(3) vum *Règlement grand-ducal du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques.*

**Ad 2)**

**Moyenne vu wéchentlechen Iwwerstonnen pro Schouljoer an Ordre d'enseignement**

| | *2017/2018* | *2018/2019* | *2019/2020* | *2020/2021* | *2021/2022* |
|---|---|---|---|---|---|
| **EF** | 1.626 | 1.602 | 3.991 | 2.106 | 2.200 |
| **ES** | 7.113 | 8.110 | 10.196 | 9.720 | 10.218 |

[1] *Artikel 5 vun der Loi modifiée du 1er août 2018 portant fixation des conditions et modalités d'un compte épargne-temps dans la Fonction publique*

Souwuel am Enseignement fondamental wéi am Enseignement secondaire huet sech d'Unzuel un Iwwerstonne an de leschte Jore stabiliséiert. Den Educatiounsministère wäert awer weiderhin Efforte beim Recrutement vu Léierpersonal maachen.

Lëtzebuerg, den 22. November 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH